COMMISSION DES SPORTS ET LOISIRS ET DE LA JEUNESSE

Jonglënster, de 07. Januar 2026

# C1. Reunioun – Rapport

**06. Januar 2026 – 19:30 – Centre polyvalent Gaston Stein**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 25. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) **Sportleréierung**

- Demonstratiounen
  - Taekwondo
    - 3 – 4 Kanner
    - Si wollten um Ufank ee Kampf maachen, wäerten elo awer eng Demonstratioun maachen, dëst wëll mir net déi néideg Zäit an och net déi Plaz dofir hunn.
  - Passion GR
    - 3 – 4 Kanner
    - Si wäerten eng Opféierung mat sougenannte „Foularden“ maachen.
    - Si hunn ee Video geschéckt fir eis ze weisen a wéi eng Richtung et soll goen.
  - Mir musse mat de Portieren aus dem Gaston Stein ofklären, ob d'Leit vun deenen zwee Veräiner eventuell Mëttes scho kënne laanscht komme fir sech dat ganzt unzekucken an sech ee Bild ze maachen.

- Video
  - 3 Veräiner (Tennis, Taekwondo, Passion GR) hunn hire Video schonn era geschéckt, dat Stand 6. Januar 2026.
  - Deadline fir de Video eran zeschécken ass den 11. Januar 2026. Mir maachen nach ee Reminder per Mail un déi aner Veräiner.

- Mat der Gemeng musse mir verschidde Saachen ofklären:
  - Powerpoint, de Stéchdatum
  - Sonorisatioun vum Sall betreffent de Videos.
  - Bün eventuell een Tick méi grouss, an deems een eng Rei bäisetzt.
  - Placement vun den Dëscher mat den Diplomer etc.
  - Ramp respektiv den Accès fir op d'Bün
  - d'Lëscht mat der richteger Reihenfolg passend zur Powerpoint mat de Nimm an de respektive Leeschtungen
  - Fotoleinwand + Fotograf
  - Patt + Schnittercher
  - Pflanzendeko
  - Beliichtung vum Sall
  - Erausschécke vun enger Remindermail + Umeldungslëscht bis 14. Januar (hei ass Deadline de 14. Januar)

- Oflaf
  - 18:00 Auer – RDV Sportskommissioun
  - 18:30 Auer – Offizielle Start vun der Sportleréierung
  - Discours de Bienvenue – Presidentin
  - Remise
    - Slide 1 → Logo vum Veräin
    - Slide 2 → Video falls geschéckt
    - Slide 3… → Remises

    - Fotoe gi vun de Leit beim „Handshake“ gemaach + duerno eng Gruppefoto virun der Leinwand
    - Discours de clôture + Invitatioun Patt → Buergermeeschter
    - Wéini maache mir Demonstratioune, beim jeeweilege Club ?
        - Enn der Woch kréie mir weider Detailer vun de Veräiner. Doropshin entscheede mir eis, wou mir déi zwou Opféierungen zäitlech placéieren.

- Opdeelung Sportskommissioun – Tâchen
    - Leit déi Diplomer dem Schäfferot reechen
    - Leit déi guidéiere bei d’Fotowand
    - Leit déi hëllefen d’Leit opzestelle bei der Fotowand
    - Leit déi eventuell hëllefen d’Material opzeriichte bei deenen zwou Demonstratiounen
    - Technik
        - Déi genau Rollen deele mir an eiser nächster Versammlung op.

- Dresscode
    - Eng vun den Iddie wier eis Sportstshirten vun der Kommissioun unzedoen. Eng aner Méiglechkeet wier wéi d’lescht Joer ënne schwaarz an uewe wäiss unzedoen.
    - Konsens ass fir den Tshirt unzedoen, verschidden Tshirts mussen awer nei bestallt ginn. Eee vun de Membere këmmert sech drëms.

- Déi nächst Editioun
    - Save the Date – Donneschde virun der Allerhellegevakanz
    - 29.10.2026

## 5) <u>Demande Fête de la musique 2026</u>

- Vum neie Coordinateur vum Zesummeliewen an der Chancëgläichheet vun der Lënster Gemeng hu mir als Kommissioun per Mail eng Ufro kritt. Dës Demande ass alle Membere vun der Kommissioun zesumme mam Ordre du Jour vun der Versammlung zoukomme gelooss ginn.
- An der Demande gëtt erkläert dass och am Juni 2026 eng Fête de la Musique zu Jonglënster wäert stattfannen, dëst mat enger *„visibilité particulière aux expressions culturelles portées par les jeunes“*
- Konkreet sinn eis dräi Froe gestallt ginn:
    1. *votre vision du rôle de la Commission dans ce type de projet,*
    2. *les attentes et motivations des jeunes,*
    3. *et les conditions nécessaires pour que leur participation soit à la fois valorisante, réaliste et durable.*
- Als Kommissioun begréisse mir ausdrécklech dës nei Initiative, fir e spezielle Fokus op déi Jonk bei dësem Event ze leeën, sou dass mir hannert dësem Projet kënne stoen. An eisen Aen ass et wichteg hei déi richteg Vernetzungen ze maachen a Lien’en hierzestellen. Dës kënne mir als Kommissioun, duerch ech

verschidde Memberen, maachen. Mir sinn der Meenung, dass et wichteg ass hei, sou wéi och vum Coordinateur ugeduecht, d'Jugendhaus mat u Bord zehuelen. Des Weideren hu mir dru geduecht, dass de Lënster Lycée soll matagebonne ginn. Hei gëtt et zum Beispill d'Schülerband Beckters. Sou wier et och wichteg déi lokal Museksgruppen a Jugendorchestere mat anzebannen. Ee weidere Gedanke war et de GAPLO vum SEA Päiperlék mat anzebannen. Hei ginn oft musekalesch Aktivitéiten am non-formale Secteur ugebueden. Nieft deem musekaleschen Deel sollt een och un den Danz denken. Hei hat oder huet, dëst misst op Nofro gepréift ginn, de „Lënster Fitness asbl" ee „Zumba Kids" an een „Jazz" Grupp an hire Reien. Och de Veräin „Passion GR" sou wéi de „Creativ Move" mat hirem Turnen an Danz wieren eng Beräicherung.

- Als Kommissioun si mir gäre bereet op engem grousse Dësch mat deene verschiddenen Acteure fir ee méigleche Brainstroming deelzehuelen. Och kann een sech bei anere Gemengen, sou wéi der Stad Lëtzebuerg, inspiréieren, si organiséieren och eng Fête de la Musique mat engem Fokus op deene Jonken. Donieft géife mir et wichteg fannen, dass ee vun deenen zwee Deeg vun der Fête de la musique wierklech fir déi Jonk dediéiert ass, sou dass och de ganze Programm bis Owends op déi Jonk zougeschnidden ass.

## 6) <u>Seefekëschterennen</u>

- Konscht- & Handwierkerdeeg
    - Hei ass d'Informatioun un d'Membere vun der Kommissioun gedeelt ginn, dass dës net méi vum Syndicat d'Initiative organiséiert ginn. Stand elo wäert d'ASBL Lënster Tourisme et Événements dëst iwwerhuelen.
- D'Seefekëschterennen am Kader vun de Konschthandwierkeedeeg ze organiséieren ass eng Alternativ. Hei hu mir iwwer méiglech Stroossen diskutéierten an eis déi zesummen iwwert de Beamer ugekuckt. Froe wou eng Bün fir d'Präisiwwerreechung, d'Streck selwer, d'Sécherheet, den Zougang vun de Leit zu hiren Haiser, asw.
- Déi aner Méiglechkeet ass d'Seefekëschterennen esou wéi bis elo am Kader vum Lënster Maart ze organiséieren. D'Strooss um „Ënneschte Léi" géif awer hei fortfalen, dëst well hei de Chantier ugaangen ass. Esou wier eng Méiglechkeet an d'„Rue de la Mairie" zeréck zegoen.

- Eng weider Méiglechkeet wier d'Seefekëschterennen moies den Dag vum Lënster Wibbelt ze organiséieren. Hei si Bedenke geäussert ginn dëst zwee Event zesummen ze leeën, well mir net genuch Leit sinn.
- D'Presidentin huet proposéiert mam Buergermeeschter a respektive Schäffen déi jeeweilege Stroossen zu Buerglënster kucken ze goen. Duerno soll zäitno eng Entscheedung an der Kommissioun geholl ginn, wéini d'Seefekëschterenne soll stattfannen.

## 7) Oppen Diskussiounen

- Lënster Wibbelt
  - Vum Buergermeeschter krute mir matgedeelt, dass Mëttwochs de 7. Januar an enger interner Versammlung no de logisteschen a Manpower Disponibilitéite vun der Gemeng gekuckt gëtt. Wann de 4. Juli 2026 net méiglech wier, géif d'Gemeng dann de 16.Mee 2026 virschloen. Dat bedéngt, dass et net vill weider Datumer ginn. An deem Fall misste mir ons och nach eng Kéier gesi fir d'Organisatioun ze klären.
  - D'Presidentin an de Sekretär hate souwuel an der gemeinsamer Versammlung vum 12. Dezember 2025 wéi och per Mail mat gedeelt, dass si den Datum vum 16. Mee 2026 net gutt géife fannen. Bedéngt dass do engersäits d'Championnater vun de Veräiner asw. nach um gaange sinn an anersäits d'Presidentin an de Sekretär och deen Dag selwer net kënnen dobäi sinn. Zudeem ass deen Dag den ING Marathon, dat gréisste Sportevent am Land nieft dem Tour de Luxembourg.
  - Mir haten nach als aner Alternativ den 11. Juli proposéiert.

## 8) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 15.01.2026 | 19:30 | Allënster | C.2. Kommisounsversammlung |
| 21.01.2026 | 18:30 | Gaston Stein | Sportleréierung |
| 04.02.2026 | 19:00 | Amber Stuff | Neijoerschiessen |
| 23.02.2026 | 19:00 | ? | C.3. Kommisounsversammlung |
| 25.03.2026 | 19:00 | ? | C.4. Kommisounsversammlung |

## 9) **Ënnerschrëften**

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär